

## **Gaston Herz : « J'ai vécu trois vies »**

De Gaston Herz ass 1928 zu Metz gebuer. Seng Famill koum vu Miedernach aus Lëtzebuerg. Wéi de Krich 1940 a Frankräich lass gaangen ass war de Gaston also nach e Kand.

De Gaston Herz erënnert sech :

### **Ma première vie**

*« Ma première vie était une merveille, pleine d'amour. Je vous souhaite un couple comme mon père et ma mère, tendresse et amour. Des parents merveilleux. »*

Mee d'ëscht Liewe gëtt 1940 vum Krich ënnerbrach an zerstéiert. De Gaston a seng Famill wunnt direkt nieft de Kasären zu Metz. Wéi déi Däitsch Arméi Frankräich ugräift, ginn d'Kasären bombardéiert an d'Famill gëtt e puer mol evakuéiert.

*« Il y avait des bombardements jour et nuit. Masques à gaz et cetera. Le premier mort que j'ai vu, c'était à l'usine de gaz de Metz. Il avait une barre de fer à travers le corps. J'avais 10 ans. »*

*« J'avais un petit ami de 10 ans, on allait patauger dans la vase de la Moselle, on jouait aux billes ensemble...la joie. On est revenu une fois d'une évacuation. On habitait près des casernes, donc on était évacué plusieurs fois. J'étais tellement content de revoir mon ami, que je n'avais pas vu pendant un mois ou deux. J'ai embrassé la terre et j'arrive chez lui. Il s'était noyé la veille dans la vase. Mort. Mon premier chagrin. »*

D'Famill ass dunn an d'Vogeese evakuéiert ginn, wou si vun der sougenannter « Rafle du Vélodrome d'Hiver » iwwerrascht ginn.

*« Arrive la Rafle du Vélodrome d'Hiver, tous les juifs dans la zone occupée sont arrêtés ... moi on m'a laissé, oublié. J'étais caché dans le foin. A 13 ans, la police française, soulignez française, est venue chercher ma mère, mon père, mon frère, je ne les ai plus jamais revues.*

*Imaginez une mère de famille, devant une maison, qui laisse son enfant de treize ans seul...pour la fatalité d'être né juif. Je suis traumatisé pour la vie ».*

### **Ma deuxième vie « Abruti par le travail »**

*« Commence ma deuxième vie. Je me retrouve seul avec une douzaine de personnes, juifs français, réfugiés dans ce village des Vosges. Un couple ma recueilli et ils ont tout fait pour que j'aie rejoindre mon oncle et ma tante, qui étaient dans le Massif central. De la zone occupée, il fallait donc aller en zone libre. »*

De Gaston packt et mat Hëllef iwwert d'ligne de démarcation. Nuets geet hie mat 5-6 anere Leit heemlech iwwert d'Grenz. Ursprénglech sollt hien an enger Lokomotiv eriwwer geschmuggelt ginn, mee den Dag virdrun war e Jong deen am Waassertank vun enger Lokomotiv verstoppt war, erdröck. Dofir muss hien elo zu Fouss goen. De Gaston erreecht säin Monni, sengem Papp säi Brudder a seng Tatta. Fir d'Famill ze ënnerstëtze geet de Gaston schaffen.

*« Mon premier métier était plongeur dans un Hôtel. Des travaux ingrats. Pour deux litres de lait en bouteille. En sortant de l'hôtel il faisait noir, je tombe et je casse mes deux bouteilles en verre. 14 heures de travail perdues. C'est la première journée de travail qui se retrouve dans ma mémoire. »*

Ca durait quelques mois, et puis on est venu chercher mon oncle et on l'a mis dans le camp de Gurs. On a mis ma tante et moi en résidence surveillée. »

De Gaston muss dunn an enger Neelfabrick schaffen. Ouni Schong a soss Schutzkleedung. E puer mol am Dag huet hie Metallspéin am Aen a moies muss hie fir d'éischt emol de Schnéi vu senger Aarbechtsplaz ewechschréppen, well an der Fabrick d'Fënsteren am Dag futti sinn. Mat Hëllef vum Buergermeeschter vum Duerf, kënnt de Monni erëm zeréck aus dem Camp.

De Gaston, a säi Monni a seng Tatta, schaffen elo all Dag fir iergendwéi iwwert d'Ronnen ze kommen.

E Saz, deen am Interview ëmmer erëm kënnt, ass markant :

*« Je vous passe les détails, pour ne pas vous faire revivre toutes ces douleurs ».*

Ëmmer erëm fänkt de Här Herz eng Geschicht un ze erzielen, fir se dann awer net fäerdeg ze erzielen an iwwert eppes aneschtens ze schwätzen. D'Péng an d'Trauer si während dem Interview gräifbar.

*« Mon grand-père avait 6 enfants, tous ont été massacrés, 18 personnes. Sauf ma tante, mon oncle et moi.*

*Ensuite je suis allé travailler chez un boulanger. Je dormais dans le grenier, pas dans une mansarde. Je commençais à 4 heures du matin, four à bois...très dur, très dur. Et puis arrive la libération. Je vois un signe sur la mairie, allez donner du sang. Donc j'y suis allé. Quand j'arrive, ils me disent : « Mais non, tu ne fais pas la poids. » On m'a pesé : 50kg à 17 ans ».*

No der Liberatioun kënnt de Gaston mat senger Tatta a sengem Monni op Lëtzebuerg, wou si eng Patisserie opmaachen. De Gaston fänkt als Léierbouf un. Während 3 Joer schafft de Gaston immens haart. All déi ondankbar Aarbechte mécht hie fir dat ganz Haus inklusiv Kuelen a Brickette schréppen.

A senger Fräizäit geet de Gaston schwammen. Well en elo erëm gutt z'iesse kritt erhëlt hien sech a huet kuerz drop 85 kg.

*« Je travaillais comme un abruti. »*

## Ma troisième vie

No der Ausbildung schafft de Gaston a verschiddene Länner a baut sech e Liewen op, a grënnt eng Famill. Hie gëtt Geschäftsmann a lieft bis haut mat seng Fra a Lëtzebuerg.

*« A mon oncle et ma tante, je leurs dois ma vie plusieurs fois. »*

Als Schlusswuert huet den Här Herz ons folgende Message opgedroen :

*« Pas de racisme, considérer chacun comme étant égal à soi. Ne pas faire la différence entre la couleur de la peau, ou la religion. Traiter tout le monde en égal. Et ne pas être impressionné par celui qui est au-dessus, parce qu'il y a toujours quelqu'un au-dessus. »*

Villmools Merci dem Här Gaston Herz den sech den 20 Juni 2023 Zäit geholl hat fir dem Ivana Ferraira Weiten an dem Felix Poncelet seng Liewensgeschicht ze erzielen. Dësen Text ass nëmmen e klengen Extrait vum Gespréich wat si mam Här Herz, a Begeleedung vun der Madame Claude Wolf an dem Här Christian, Theis gefouert hunn.

D'Schicksal vum Här Herz senger Famill kënnt dir am Detail noliesen op der Internetsäit vum Projet européen Convoi 77.

[https://convoi77.org/deporte\\_bio/leonie-herz/](https://convoi77.org/deporte_bio/leonie-herz/)

